# d'Peffermillen



De Koschter wor frou festzestellen, dass och d'L.W. d'Reklame vun der FNCTTFEL publizéiert huet, di fir d'Demonstratioun vum 8.Juni fir d'Erhalung vun der Nordstreck opgeruff hun. Dem Koschter sënges Wësses as dat fir d'éischt, dass d'L.W. bezuelt Reklame vun enger sozialistescher Gewerkschaft unhëllt. Den OGBL huet suguer e Prozess lafe géint di Zeitung "pour refus de vente". Hoffentlech wor dat Beispill vum 8.Juni en éischte Schrëtt op engem Wee dee weiderféiert. m.p.

Nu soll nach ee soen, de Klerus hätt eppes géint "forum". Fir déi läscht Nummer mam Dossier Jugendpastoral hat de Koschter speziell Reklamsziedelen un all Paschtéier, Kapléin, Reliounsproffen asw. verschéckt. D'Nofro aus klengen Eislécker Dierfer a grousse Minettesstiedt, jo fir ganz Schoulklasse, wor esou grouss, dass d'Nr. 4o an Zäit vu 14 Deeg ausverkaf wor. De Koschter hofft, dass se gudd ukomm as bei dene neie Lieser an deen een oder anere sech nach abonnéiert.

An där läschter Nummer hat de Koschter sech geiergert, das d'L.W. dem "Comité National Anti-Cattenom" séng Kampagne nët matmecht. Zwee Dég mi spéit as zwar ënnert der Fieder vum F. Colling (CSV) eng Artikelserie ugelaf mat Informatiounen iwert Harrisburg, mä vun enger Mobilisatioun vun de Lieser ka kéng Rieds goen. Fierwat erschéngen dem CNAC séng "Entrefilets" an Communiquéen nët am L.W.? Sie si vill mi liicht ze liesen wi deen zwar interessante mä drechenen Harrisbourg-Rapport. Huet d'L.W. och nach nët verstan, dass ët vierun allem drop ukënnt d'Massen ze mobiliséieren?
Dee neitsten Affront vum Giscard vis-à-vis vum G.Thorn an d'Versucher d'lëtzebuergescht Bankgeheimnis ze briechen, däerften dach him sugudd wi der Regierung d'Aen opgemaacht hun, dass mer ons musse wiere, wa mer nach wëlle seriö geholl gin. Nët nëmme vun däitscher Säit gët ët Ugrëffer op ons vill-geluefte "national Identitéit". *(2o.6.8o)* g.